N°3751
Entrée le 16.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 3751 vum 10. Mäerz 2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Kann de Kulturminister Donnéeë virleeën, wéi vill Recetten déi eenzel Filmer aus deem Tableau agespillt hunn (Kino, Televisioun, Streaming, etc.)?
Falls nee, aus wéi engem Grond ginn dës Donnéeën net systematesch erhuewen a wéi kënnt de Filmfong senge gesetzleche Verflichtungen no??**

De Filmfong ass net Produzent vun audiovisuelle Wierker, mee en alloueiert eng zeréckbezuelbar Hëllef (AFS) un e Projet, déi e Brochdeel vum Gesamtbudget vun engem Wierk ausmécht. D'Gestioun an de Suivi vun de Recetten, déi aus der ganzer Welt stamen, falen an de Beräich vun der Distributioun, deen eegestänneg als Aktivitéitssecteur besteet, an net zu de Missioune vum Filmfong gehéiert. All Beneficiaire vun enger AFS ass verflicht reegelméisseg eng Zesummefaassung vun de Nettorecetten aus der Exploitatioun vum Wierk virzeleeën, op där d'Réckbezuelungen *pari passu* erfollegen. De Filmfong kontrolléiert d'Anhale vun den Delaie souwéi d'Kohärenz tëscht den deklaréierte Montanten an d'Réckbezuelungen.

Lëtzebuerg, de 16. Abrëll 2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill